PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Wéinst der Covid-19-Pandemie gouf dëst Joer den Delai fir d'Areeche vun der Steiererklärung fir d'Joer 2019 bis d'Enn vum Joer 2020 verréckelt. U sech hätten d'Contribuabel hier Deklaratioun bis den 31te Mäerz 2020 missten areechen, mee ugesiichts vum Ausbroch vun der Pandemie Mëtt Mäerz hat d'Chamber enger Verlängerung vun den Delaien zougestëmmt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi laang dauert am Duerschnëtt den Traitement vun enger Steiererklärung dëst Joer par Rapport zu viregen Exercicen?
2. Wéi vill Steiererklärungen mussen nach fir d'Steierjoer 2019 deposéiert ginn?
3. Wéi vill Steiererklärungen aus de Joren 2016, 2017 an 2018 sinn zum haitegen Zäitpunkt nach net clôturéiert?
4. Wéi vill Steiererklärungen aus deene virege Jore sinn nach net clôturéiert, well d'Contribuabel hire Remboursement nach net kruten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député